



**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch Sam TANSON an dem Här Minister fir
bannezeg Sécherheet Henri KOX zu der parlamentarescher Fro n°8287 vum 5. September 2023
vum honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT iwwer dat geplangten EU-Reglement vun der
Kommissioun fir géint sexuell Gewalt géint Kanner am Internet virzegoen**

1. Wéi ee Minister wäert Lëtzebuerg Enn September am Rot verrieden?

D'Consultatiounen iwwer dës Fro sinn nach um Lafen, sou dass nach keng definitiv Decisioun virläit.

**2. Wéi eng Positioun vertritt d'Regierung aktuell an dësem Dossier a wéi wäert Lëtzebuerg Enn dës
Mounts ofstëmmen?**

Der Regierung hir Positioun zu dësem geplangten EU-Reglement ass an der Äntwert op
d'parlamentaresch Fro n°7956 vum 3. Mee 2023 ugefouert.

Et sief awer bemierkt, dass d'Negociatiounen an den Aarbechtsgruppen nach um Lafe sinn an dass et
aus deem Grond nach net bekannt ass, wéi déi genee Mouture vum Text, mat deem de Conseil wäert
befaasst ginn, wäert ausgesinn.

Lëtzebuerg, den 11. September 2023.

D'Justizministesch

(s.) Sam Tanson